LU

GEMENGEROT
VUM 3. FEBRUAR 2023

Present: De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV), d'Schäffen, Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer (LSAP) an André Noesen (déi gréng)

Entschëllegt: Larry Bonifas (déi gréng)

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour mat Ausnam vun de Punkten 7, 11 an 12 sinn eestëmmeg ugeholl ginn.

ËFFENTLECH SËTZUNG

MATDEELUNGEN

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) begréisst d'Conseilleren an entschëllegt de Conseiller Larry Bonifas (déi Gréng).

De Conseiller Guy Breden (CSV) deelt mat, datt den Audit beim SIGI voll amgaang ass an Enn Mäerz ofgeschloss gëtt. Beim 3. Audit, bei deem et ëm d'Zesummenaarbecht vum SIGI mat de Gemenge geet, sollen all Gemengen un enger Enquête deelhuelen, déi ongefeier 15 Minutten dauert an dann déi entspriechend Questionnairen zeréckschécken. De Conseiller Guy Breden mécht en Appell, fir datt d'Bedeelegung assuréiert ass, et geet ënner anerem drëm, fir festzestellen, op de SIGI nach déi néideg Perspektive bitt an op d'Gemengen nach eng weider Zesummenaarbecht wënschen.

De Conseiller Guy Kohnen (CSV) geet op d'Erneierung vu verschiddene Mandater am regionalen Office Social an, wou d'Gemeng Kielen duerch de Marc Mathekowitsch an hie selwer vertrueden ass. Als neie President ass de fréiere Schäffe Marcel Schmit vu Mamer designéiert ginn, Vizepresidente sinn den Här Grün vu Koplescht an de Guy Kohnen vu Kielen.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) erënnert un d'offiziell Remise vun de Schlëssele a Presenz vum Minister haut op Elmen, wou schonn eng 80 Leit wunnen, déi sech ganz zefridden iwwer d'Qualitéit vun de Logementer äusseren.

Weider deelt hie mat, datt fir d'Reunioun iwwer de Verkéier de 27. Februar an der Hal zu Keespelt mat Iwwersetzung op Franséisch an Englesch schonn eng 350 Leit de Formulaire ausgefëllt hunn, wat der enorm vill sinn, well nëmme 420 Leit Plaz an der Hall hunn.

1. Bestëmmung vun engem Sall fir d'Sëtzunge vum Gemengerot

Nodeems d'Covid-Restriktiounen gréisstendeels opgehuewe gi sinn, decidéiert de Gemengerot, op Propositioun vum Schäfferot, fir vun der nächster Kéier un d'Sëtzungen vum Gemengerot nees am Sëtzungssall vun der Gemeng ofzehalen.

2. Subsiden

2.1. UGDA – 3. Europäesche Concours fir Blos-Orchester

Bei Geleeënheet vum 3. Europäesche Concours fir Blos-Orchester an der Philharmonie an der Stad, accordéiert de Gemengerot der UGDA e Subsid vun 250€ fir d'Verdeele vum „Trophée du Souvenir".

2.2. Gaart an Heem Kielen-Ollem – 75-järegt Bestoen

Bei Geleeënheet vum 75. Anniversaire deen de Gaart an Heem Kielen-Ollem 2022 gefeiert huet, gëtt nom Reglement iwwer d'ronn Veräinsjubiläen fir 75 Joer e Subsid vun 1.500€ accordéiert.

2.3. Ukraïnka A.s.b.l. Luxembourg – Stroum-Generatricen

D'A.s.b.l. JUKI huet 2.200€ fir d'Ukrain gesammelt a wëll zesumme mat der A.s.b.l. Ukraïnka Stroumaggretater fir eng Schoul zu Butschka spenden. Well d'Gemeng 1.000€ bäileet, kënnen 10 esou Aggregater ugeschaaft ginn. D'Gemeng accordéiert hei e Subsid vun 1.000€.

2.4. Verschidde Subsiden

D'Gemeng accordéiert e Subsid vun all Kéier 125€ un d'Associatiounen „Association nationale des victimes de la route", Fleegeelteren Lëtzebuerg, „Le Soleil dans la Main", CLAE A.s.b.l., Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a „Little Angels", wat en Total vu 750€ ausmécht.

3. Konzessiounen op de Gemengekierfechter fir 2022

Op de Gemengekierfechter sinn 2022 siwen nei Konzessiounen ausgestallt ginn, an zwar dräi fir Griewer a véier fir Kolumbarien.

4. Berodend kommunal Jugendkommissioun:

4.1. Demissioun vum Sekretär

D'Demissioun vum Sekretär vun der berodender Jugendkommissioun, Kevin Dos Santos, gëtt ugeholl.

4.2. Demissioun vun engem Member

Och d'Demissioun vum Kevin Dos Santos als Member vun der Jugendkommissioun gëtt ugeholl.

5. Konventiounen

5.1. SEA – Béidsäiteg Konventioun 2023 iwwer de kommunalen Opfänks- an Erzéiungsdéngscht fir Kanner

Mat der Konventioun tëschent dem Staat an der Gemeng Kielen ginn d'Modalitéite vun der Finanzéierung an der Zesummenaarbecht tëschent dem Staat an dem Gestionnaire vum „Service d'Éducation et d'Accueil" fir d'Maison Relais a fir d'Crèche festgehalen.

5.2. Klima-Bündnis Lëtzebuerg – Nei Konventioun

Dës Konventioun tëschent der Gemeng Kielen, der „Action Solidarité Tiers Monde" an dem „Mouvement Écologique" leet d'Ziiler, d'Aktiounen an d'Strukture vum „Klima-Bündnis Lëtzebuerg / Alliance pour le climat Luxembourg" fest.

D'Gemeng Kielen ass zënter 2001 Member an huet deemools déi éischt Konventioun ënnerschriwwen, där hiren Text an der Tëschenzäit iwwerschafft an de rezenten Entwécklungen ugepasst ginn ass, sou wéi elo och déi nei Konventioun mat der Gemeng Kielen.

5.3. CIGL Steinfort A.s.b.l. – Konventioun iwwer d'Zesummenaarbecht

Mat dëser Konventioun gëtt d'Zesummenaarbecht tëschent der Gemeng Kielen an

dem CIGL Stengefort (Centre d'Initiative et de Gestion Local Steinfort) gereegelt. De CIGL këmmert sech virun allem em de psycho-sozialen Encadrement an déi néideg Formatioun vu Leit ouni Aarbecht a versicht, hir Chancen um Aarbechtsmaart ze verbesseren duerch d'Schafe vun Aarbechtsplazen, d'lokal Entwécklung an d'Förderе vun enger neier sozio-ekonomescher Approche, enger sozialer a solidarescher Ekonomie duerch Synergien op lokalem, regionalem an nationalem Plang.

Bei verschiddenen Déngschtleeschtunge fir Leit vu méi wéi 70 Joer a fir Leit mat besonnesche Bedierfnesser, huet d'Gemeng Kielen bis elo mat der A.s.b.l. ProActif zesummegeschafft. D'Gemeng Kielen huet mat dem CIGL-Stengefort Kontakt opgeholl, fir dës Servicer ze iwwerhuelen.

D'Konventioun gëllt vum 1. Januar bis 31. Dezember 2023 an d'Gemeng engagéiert sech hei mat 40.000€.

5.4. Club Senior Kielen – Tripartite-Konventioun 2023

D'Konventioun tëschent dem Staat, der Gemeng Kielen an der A.s.b.l. „Club Senior Kielen" gëtt vu Joer zu Joer erneiert an definéiert de Relevé vum Personal, den Ëmfank vum Service an d'finanziell Bedeelegung vum Staat un de Personalkäschten (87%) bei 13% fir d'Gemeng.

6. SEA - Attributioun vun enger Indemnitéit fir d'Begleedung bei der beruffsbegleedender Ausbildung vun engem Enseignant

De „Service d'Éducation et d'Accueil" beschäftegt eng Rei vu Stagiairen, déi vun engem Member vum Personal vum SEA begleet ginn. Op Ufro vum SEA proposéiert de Schäfferot, fir d'Entschiedegung vum „Patron de Stage", déi bis elo un d'Gemeng bezuelt ginn ass, un de „Patron de Stage" auszebezuelen.

7. Notze vun engem Emprunt

Aktuell huet d'Gemeng 3,3 Mio.€ op hire Konten, a fir déi néideg Finanzmëttel ze hunn fir déi lafend Depensen a Projete kënnen ze bezuelen, proposéiert de Schäfferot fir d'Prozedur anzeleeden, fir en Emprunt vun 20 Mio.€ opzehuelen, deen eventuell an zwou Tranche vun 10 Mio.€ sollt gezu ginn, fir Zënsen ze spueren.

8. Ëmännerung vum Police-Reglement

Nodeems d'Gemeng Kielen de 25. November d'Police-Reglement iwwer de Kaméidi ugepasst hat, huet den Inneministère weider Ännerunge proposéiert. Duerfir gëtt den Artikel 51 vum Police-Reglement bäibehalen an et bleift verbueden, sech onanstänneg gekleet, torse-nu oder am Maillot an der Ëffentlechkeet ze weisen. Den Artikel 52 iwwer d'Prostitutioun gëtt gestrach, well do eng gesetzlech Reegelung besteet an den Artikel 53 iwwer d'Gesiichtsmaske gëtt och duerch den Artikel 563, Punkt 10 vum Code pénal ersat.

9. Ëmännerung vum Gemengereglement iwwer d'finanziell Bäihëllefe fir d'Promotioun vun der Nohaltegkeet a rationelle Notze vun der Energie

D'Gemengereglement iwwer d'finanziell Bäihëllefe fir d'Promotioun vun der Nohaltegkeet a rationelle Notze vun der Energie gëtt an deem Sënn vereinfacht, datt elo festgehale gëtt, dass dës Bäihëllefe fir „d'Thermesch Isolatioun vun de Maueren, der ieweschter an der ënneschter Dall an dem Daach" regroupéiert ginn, an datt d'Gemeng fir dës Aarbechten eng finanziell Bäihëllef vun 10% vun der staatlecher Subventioun bezilt, bis zu engem Montant vun 1.500€.

Fir d'Installatioun vu privaten „intelligente" Lued-Statioune fir elektresch Gefierer leet d'Gemeng 50% vun der staatlecher Bäihëllef, bis zu engem Montant vu 600€ bäi. Bei der Uschafung vun elektreschen Haushaltsapparater mat niddregem Stroumverbrauch, wéi um Site www.oekotopten.lu opgefouert, bezilt d'Gemeng 100€ pro Wäschmaschinn, Trockner, Spullmaschinn, Frigo oder Gefréierschaf (och als Kombinatioun).

De Schäffe Marc Bissen (LSAP) verweist op eng deemnächst publizéiert Broschür hin, an där all dës Subsiden zesummegefaasst sinn an erkläert, datt déi intelligent Bornen d'Stroumnetz manner belaaschten.

10. Projet vum PDAT 2023 – Meenung iwwer de „Projet du Programme Directeur d'Aménagement du Territoire"

Am September 2022 huet den Energie- a Landesplanungsministère de Gemengen de Projet PDAT2023 (Programme Directeur d'Aménagement du Territoire) zoukomme gelooss fir heiriwwer en obligatoreschen Avis ofzeginn. De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) erënnert drun, datt d'Gemeng de Projet vum PDAT un d'Ëmwelt- an un d'Bautekommissioun grad ewéi och un all politesch Parteien, fir Avis, virugereecht huet. De Schäfferot fir säin Deel huet och säin Avis ausgeschafft, an deem hie sech prinzipiell den Avise vum Syvicol, vun der Bauten- a vun der Ëmweltkommissioun ralliéiert.

De Schäfferot ass géint eng Reduzéierung vun der Buedemversigelung ëm 50% bis 2035 an esouguer ëm 100% bis 2050 a freet sech, wéi een dat sollt maachen. Da fuerdert hien eng Dezentraliséierung vu verschiddenen Administratiounen, Ministèren an ëffentleche Verwaltungen. Hie proposéiert eng finanziell Participatioun vun de Promoteuren a Bauhären un den Infrastrukturkäschten an ass explizitt fir den Ausbau vun der Aktivitéitszon Kielen, mat der Konditioun vun der Realisatioun vun enger Verbindungsstrooss resp. vun engem direkten Accès tëschent der Z.A.E. an dem CR102 (Route de Mamer) mat enger Zoufaart op d'Autobunn A6, wat net am PDAT2023 virgesinn ass.

D'Offeren an d'Benotze vum ëffentlechen Transport am Beräich „Stengefort an Ëmland" missten dem PDAT no em 15 bis 20% eropgesat ginn, wat ze niddreg ze si schéngt. Bei dem prognostizéierten Zouhuele vum Benotze vum Vëlo em 7%, gesinn si dëse prognostizéierten Zouwuess als ganz optimistesch un, wéinst dem Denivellement vum Terrain an eiser Regioun. Als absolut Noutwendegkeet fuerdert de Schäfferot de Bau vun engem Contournement an engem Accès op d'Autobunn. De Schäfferot weist op déi atypesch Entwécklung vun der Gemeng duerch de Projet Elmen hin a freet sech, wéi kompatibel de PDAT2023 mam PAG vun der Gemeng ass. Och hätt e virun deene sëllege sektorielle Pläng fir d'éischt missen de PDAT2023 ausschaffen. Weider kritiséiert de Schäfferot d'Behënnerung vu Projeten a vu sozialem Wunnengsbau duerch den INPA. Sécher wéilten d'Gemengeresponsabel hiren architektonesche Patrimoine sou vill wéi méiglech preservéieren, mee vill kommunal Initiative géifen duerch Decisioune vun dësem Institut blockéiert. Schliisslech ass de Schäfferot der Meenung, et wier besser gewiescht, de SYVICOL vun Ufank un um Ausschaffe vum PDAT ze bedeelegen.

11. Projet fir d'Ëmännеren um Gebai op Nr. 1, rue du Centre zu Kielen – Upassung vum Projet mat Pläng an Devis

Den ugepasste Projet fir d'Ëmännere vum Gebai op Nr. 1, rue du Centre zu Kielen, bei deem niewent engem Café mat Kichen an engem Sall fir sozial Aktivitéiten och nach dräi Sozialwunnenge virgesi sinn, déi verlount solle ginn, soll nom aktuellen Devis 1,8 Mio.€ kaschten. Dee méi héije Präis par rapport zum Devis vun 2019 ass duerch d'Präiserhéijunge komm.

12. Vergréisserung an Upassung vun de Réckhaltbasengen an der Rue Simmerschmelz zu Nouspelt - Ingenieurskontrakt

Den Ingenieurskontrakt mam Büro Schroeder & Associés iwwer d'Vergréisserung an d'Upasse vun de Réckhaltebasengen zu Nouspelt gëtt ugeholl.

13. Devis fir d'Uschafe vu Gefierer, Zousaz-Equipement a Maschinne fir de Regieservice vun der Gemeng

Fir d'Uschafe vu verschiddene Gefierer (Camion, zwou Camionnetten, Trakter, Gabelstapler an Auto) leit en Devis fir 405.000€ vir, vun deenen awer en Deel an de Budget 2024 ageschriwwe gëtt. Weider 54.000€ si fir en Tank-Unhänger, e Container an e Chassis virgesinn, grad ewéi och 40.000€ fir e Méi-Roboter fir de Fussballterrain zu Kielen.

14. Ëmklasséiere vu Parzellen zu Nouspelt an der Rue Simmerschmelz

Zwou Parzelle vu 0,09 a 0,15 Ar an der Rue Simmerschmelz zu Nouspelt ginn aus der ëffentlecher an d'privat Proprietéit vun der Gemeng ëmklasséiert.

15. Verkafsverspriechen an notariellen Akt

15.1. Verkafsversprieche fir d'Uschafe vun enger Parzell zu Dondel

D'Gemeng keeft eng Parzell vu 0,09 Ar an der Rue du Moulin zu Dondel fir Emprisen ze redresséieren.

15.2. Notariellen Akt iwwer den Ukaf vun enger Parzell an der Juddegaass zu Kielen

Och am Kader vun der Regulariséierung vun Emprisen, keeft d'Gemeng eng Parzell vun 1,32 Ar an der Juddegaass zu Kielen.

16. Lotissementer

16.1. Opdeele vun Terrainen an der Rue des Champs zu Kielen

An der Rue des Champs zu Kielen ginn aus véier Parzellen zwou Bauplaze fir Residenze mat jeeweils sechs Wunnenge gemaach.

16.2. Opdeele vun engem Terrain an der Rue de Kehlen zu Ollem

An der Rue de Kehlen zu Ollem gëtt en Terrain an zwee opgedeelt.

16.3. Opdeele vun engem Terrain an der Rue de Luxembourg zu Dondel

Hei soll een Terrain an dräi Parzellen opgedeelt ginn, fir kënnen zwee jumeléiert Haiser ze bauen.

17. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

Véier dréngend Verkéiersreglementer vum Schäfferot sinn nodréiglech confirméiert ginn. Et sinn dëst am Domaine Hueseknäppchen zu Ollem d'Späre vum Boulevard Robert Schuman vum 16. Januar bis 15. Abrëll 2023; Verengung vun der Strooss mat Iwwerhuel- a Parkverbuet vum 12. Januar bis 28. Februar an der Rue de Schoenberg zu Kielen; Verengung vun der Strooss mat Iwwerhuel- a Parkverbuet vum 2. Februar bis 4. Mäerz an der Rue de Mersch zu Keespelt; Verengung vun der Strooss mat Iwwerhuel- a Parkverbuet vum 27. Januar bis 27. Mäerz an der Rue de Kopstal zu Kielen.